N°7267
Entrée le 04.01.2023

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n°7267 vum 30. November 2022 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement iwwer d'Unzuel vun den Dossiere vum Tribunal de la Jeunesse et des Tutelles**

Vu dass d'parlamentaresch Fro méi spezifesch de Jugendschutz viséiert, bezéien sech déi gefroten Zuelen an Informatiounen op déi zwee Jugendgeriichter vum Land.

**1. Opgeléscht pro Joer, wéi huet sech d'Unzuel vun de Fäll an Dossieren, ëm déi sech den Tribunal de la jeunesse et des tutelles këmmert, zënter 2010 verännert?**

Des Zuelen si fir déi Zäit virun 2016 net disponibel a kënnen aus deem Grond eréischt ab dem Joer 2016 geliwwert ginn.

| | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Affaires nouvelles (il s'agit du nombre des enfants qui font l'objet d'une première intervention) | | | | | | |
| Tribunal de la jeunesse de Luxembourg | 505 | 511 | 534 | 597 | 437 | 396 |
| Tribunal de la jeunesse de Diekirch | 162 | 145 | 157 | 193 | 159 | 216 |

**2. Wéi vill Persoune sinn zënter 2010 bei den Effektiv vum Tribunal dobäi komm?**

Zenter 2010 besteet den Tribunal de la Jeunesse vu Lëtzebuerg aus engem Juge directeur vum Tribunal de la Jeunesse et des Tutelles, 2 Juges de la Jeunesse, 2 Substituten, 4 Greffieren an engem Mataarbechter deen ënnert engem CAE (*Contrat d'appui-emploi*) agestallt ass.

Zenter 2010 besteet den Tribunal de la Jeunesse vun Dikrech aus engem Juge de la Jeunesse, engem Substitut an engem Greffier.

De Gesetzesprojet n°7994 iwwert de Jugendschutz gesäit eng Erhéigung vun der Unzuel vu Jugendriichter vir (vun 2 op 4 Jugendriichter zu Lëtzebuerg). Ausserdem gesäit de Gesetzesprojet n°7991 iwwert e Jugendstrofrecht vir, dass e separat Geriicht fir d'Jugendstrofrecht geschafe gëtt.

**3. Wéi laang Zäit hunn d'Mataarbechterinnen a Mataarbechter an der Moyenne fir den Traitement vun engem Dossier?**

Et gëtt kee festgesaten Délai an deem en Dossier muss traitéiert ginn. All d'Dossiere gi mat der néideger Suergfalt traitéiert fir déi beschtméiglech Léisung fir d'Kand ze fannen, woubäi d'Durée vum Traitement jee no Dossier a Komplexitéit vun dësem variéiert.

D'Dossiere ginn och periodesch réevaluéiert fir ze analyséieren op déi geschwaten Moossnamen nach néideg sinn oder kënnen opgehuewe ginn.

**4. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung dass d'Aarbecht vum Tribunal esou ka mat der néideger Sorgfalt gemaach ginn? Wa nee, wat fir Ännerunge gesäit si konkret vir?**

Wéi an der viregter Fro erwähnt, schaffen d'Magistraten mat gréisstem Engagement fir all Dossier mat der néideger Zäit a Suergfalt ze traitéieren.

Natiirlech ass et wichteg, dass d'Justiz eng adequat Zuel vu Mataarbechter, ënnert anerem vu Magistraten huet fir dass eng effikass Gestioun an Opdeelung vun den Dossieren, souwéi och den Accès zur Justiz duerch den Justiciabel, kënne garantéiert ginn.

Wéi an der Äntwert zu der 2. Fro scho präziséiert gouf, wäert d'Unzuel vun de Magistraten deementspriechend an d'Luucht goen.

Lëtzebuerg, den 4 Januar 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson